



## INVITATIOUN NEIJOARSPATT

Freideg, de 26. Januar ëm 19.30 Auer

Al Schoul, 1, rue Neuve

**Gemengeconseillere Marianne BEISSEL a Jean-Paul WILTZ,  
den Deputéierten Henri KOX an déi ganz gréng Equipe.**

Mir wëlle besonnesch Merci soen fir d'Vertrauen, dat Dir eis déi lescht Joaren entgéint bruecht hutt. Och wa mer net méi an der direkter Verantwortung sinn, sou wäerte mir eis weiderhin asetzen, datt Réimech sech ka nei erfannen. Vill Projeten sinn ugestouss a prett, fir ëmgesat ze ginn. Mir wäerte konstruktiv bei der Ëmsetzung mathëllefen!

Sou wéi an de leschte Joaren wäert eng staark Stëmm op Landesniveau weiderhin derfir suergen, datt Réimech déi néideg Ënnerstëtzung kritt. Zum Beispill am Kontext vum néie Waassergesetz initiéiert duerch d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg an den Rapporteur Henri Kox, d'Zoustëmmung vun der Chamber fir d'Esplanade an de Quai (< 19 Mio €) an déi 90% Subventionéierung (> 9 Mio €) vum noutwendegem Héichwaasserschutz.

Och an der Mobilitéitspolitik wäerte mir zesumme mam zoustännege Minister François Bausch, insistéieren datt d'Verkéisersetude mat de sëllegen Ureegungen am Sënn vun enger nohalterger Mobilitéitspolitik weidergedriwwen an ëmgesat gëtt.

### Kontakt

Marianne BEISSEL, Gemengeréitin  
Jean-Paul WILTZ, Gemengerot

reimech@greng.lu

[www.greng.lu/reimech](http://www.greng.lu/reimech)



BONNE ANNÉE  
FELIZ ANO NOVO  
HAPPY NEW YEAR  
ESCHÉINT NEITJOER  
GLÜCKLICHES NEUES JAHR

## INVITATION POT DU NOUVEL AN

Vendredi, le 26 janvier à 19:30 heures

Al Schoul, 1, rue Neuve

**Les conseillers communaux Marianne BEISSEL et Jean-Paul WILTZ, le député Henri KOX et tous les membres de l'équipe de « déli gréng Réimech »**

Nous tenons à vous remercier pour le soutien que vous nous avez accordé ces dernières années. Même si nous ne sommes plus dans la responsabilité politique, nous continuerons à nous engager activement pour le développement futur de Remich. Beaucoup de projets ont été initiés et nous allons soutenir constructivement leur réalisation.

Au niveau national une voix forte continuera à se manifester pour que Remich bénéficie du support nécessaire. Comme par exemple, dans le contexte de la nouvelle loi relative à l'eau initié par la ministre de l'Environnement Carole Dieschbourg et le rapporteur Henri Kox, le consentement de la Chambre des Députés pour le renouvellement de l'Esplanade et du quai (> 19 mio €) et l'approbation d'une subvention de 90% (< 9 mio €) des coûts de la protection nécessaire contre les crues.

Nous allons également insister, ensemble avec le Ministre du Développement durable François Bausch, pour que les conclusions de l'étude sur le trafic soient prises en compte en vue d'une politique durable de la mobilité.

**Kontakt**

**Marianne BEISSEL, conseillère communale**  
**Jean-Paul WILTZ, conseiller communal**

reimech@greng.lu

[www.greng.lu/reimech](http://www.greng.lu/reimech)